Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

D'lescht Joer gouf et een tragesche Fall, bei deem een Hausdéier duerch ee Feeler vun enger Baufirma gestuerwen ass. D'Baufirma, déi aktuell ee grousse Shoppingzenter mat Autobunnsopfaart an Tram-Arrêt zu Steebrécken baut (GridX) huet bei Aarbechten nieft engem Privathaus een Drot futti gemaach, wouropshin den Hond ausbéchst ass a spéider op der Strooss iwwerrannt gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hunn d'Ministesche Kenntnis vun dësem Fall?
2. Ass d'Baufirma an dësem Fall fir den Dout vum Déier souwéi de Schued um Haus haftbar?
3. Misste seriö Firmen, grad bei esou grousse staatleche Projeten, net besser op d'Ëmgéigend oppassen, fir esou Accidenter ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten